

# WANDROUS

N°363 Spiirkel / Lenzmount / Fréileng 2017

Februar / März / Abrëll



Kënnt 5 mol pro Joër raus

Abonnement 25,00 Euro

CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

Chefredakter: MOYANO Guy (Crotale)  
> resp. CheffenEkipp LBB

Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB

E-Mail: [wandrous@lionsbleus.lu](mailto:wandrous@lionsbleus.lu)

Tel: 49 50 51

<http://www.lionsbleus.lu>



Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

# Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?\*




Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!  
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!



Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!




Paulinstrasse 25  
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS  
kaafen beim  
VIKING-ADVENTURES!

\* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!  
an zum Schluss vum Joer kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)

# Les amis des Lions Bleus

## Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiånsdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiånsdo eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weee'r gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach èmmer Cheffen do, di sech èm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ènnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach èmmer gebotzt an ènnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



### Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

# ? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfelen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ènnerstez och DU ons, wann ech gelift,  
mat engem “ordre permanent”\*  
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros\*\* pro Mount  
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000  
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

\* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ênnen an Uewen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréén mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

\*\* Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.


Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach èmmer mat Fréd dobái!

**Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!**

# Souche Techuana 2017

Techuana '17



## „Der Berg ruft“

### **Jo ét ass erëm sou wäit, och dëst Scouts-Joër fueren MIR erëm an Techuana.**

Du frees dëch also elo schons nees ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen, op Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbrénggen, dëch verwinnen ze loessen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei der schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat hei genee daat Richtegt fir dëch. Mell dëch sou schnell wéi méiglech un, well du wees jo: d'Plaatzen sinn limitéiert!!!!

**Wien kann mat goën:** jiddereen deen bis den 01.09.2016 --> 14 Joër kruut !

**Rendez-vous:** Freidesowes, den **17.Februar 2017 um 18.30** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Zerëck:** Sonndesmoies, den **26.Februar 2017 um 11.00** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Präiss:** Wéi déi letzt Joër'en splécken mir den Präiss op!

Daat heescht 365 Euros fir Transport, lessen, Sauna/Schwämm & déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 185 Euros fir den Skipass bezuelen.

### **Am Kloertext elo:**

Basic-Pack (Programm, Transport, lessen, Schwammen) --> bezuelen **365** Euros.

Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen **550** Euros.

(> Hues du keen eegent Skimaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen hvun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

bis spéidstens den 3.02.2017 mat der Mention "Techuana 2017".

D'Geld ass ze iwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer“

**Täschegeild:** dëst Joër ginn och 50 Euros duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännchen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w...)

### **Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass déi **Versammlung obligatorësch!!!**

Dës ass Mëttwochs den 14.Dezember 2016 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dëngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an der Apaacklëscht.

D'Souche muss du schnellstens oofginn sinn, well soss bass du nët officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE

Ech ..... erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover

mat um TECHUANA-Wantercamp 2017 (17-26.02.17) deelzehuelen.

D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem

Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft . . . . .

SOUCHE - SOUCHE

# TECHUANA 2017 TECHUANA\_wanter'17



## TECHUANA 2017 “Der Berg ruft”



### Départ:

**RV --> Freides den 17.Februar 2017 um 18:30 Auer am Home vun den Lions Bleus.**



### fir déi Leit déi matginn...

(Liana, Ketty, Alekxis, Harry, Justin, Charel S., Max, Felix, Soa, Tahr, Tameng, Paco, Grizzly, Chouch, Maki, Tamia & ...???)

**D'Valise ass oofzeginn**  
Mëttwochs, den 15.02.2017 ab 19:15Auer  
**Skimaterial & klengen Rucksack**  
alles Mëttwochs oder Freides matbrèngen.

“Mir freen eis schon op dëch an op den Schnéi!  
**d'LBB Schnéihuesen”**



### P.S. Denkt un är Iwwerweisungen :)

Déi genee Détailier fann der an der letzter Wandrous oder online --> entweder 365€, 550€  
Sinn bis spéidstens den 3.02.2017 op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 - Les Lions Bleus asbl-Explorer ze viréieren...

## Cotisatioun 2017

## Cotisation 2017

E Kalenner-Scoutsjoer ass eriwwer an daat nächst Kalenner-Scoutsjoer fängt un.  
Wéi all Joér ass d'Cotisatioun fir all d'Memberen vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joér sinn **25,00** Euros  
op den Compte **CCPL LU82 1111 0498 5493 0000 vun den Lions Bleus** ze iwwerweisen.  
Fir dës **25,00** Euros kriss du:

- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoer
- eng Assurance déi aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten huës

Fir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaaz an der WANDROUS mat Rappel'en versauen,  
den Dierwiechter bei déi verschidden Leit schécken déi nüt oder ze spéit iwwerweisen, oder soss  
opwenneg juristesche Schrëtter ännerhuelen :), ass all Member gebieden séng Cotisatioun ze  
iwwerweisen soubal wéi d'Memberskaart ukomm ass.

Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen  
d'Memberskaart fir d'Joér 2017 zou, ier dat bezuelt ass.

Dofir ass ét elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat déng  
Memberskaart esou séier wéi méiglech bezuelt gët.  
Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister  
(alias Eyra farceur)



# Weekend Sixplo&Sortie

Fir d'Wöllefcher (LX)

## OPGEPASST !!!

Den Sixplo an d`Sortie bei den Pompjeen  
faalen an een Weekend...



Léif Wöllefcher,

Den Kinnék Tomasius an séng zukünfteg Kinnégin Norina vun Luxemburgesien iueden iech all härzlech op een grousst Fest an fir hir Verlobung ze feieren. Den Tomasius an d'Norina sin begeeschert vun den Märecher an géingen am léifsten den ganzen Dag nämmen Geschichten héiren. Dofir dierf déng Meute net ouni eidel Hänn op déser Feier erschéngen. All Meute soll sech am Thema zu éngem ganz bestëmmten Märchen verkleeden an der frësch verlobter Koppel een Geschenk matbréngen, dëst Geschenk soll een wichtegt Element aus ärem Märchen sin. Eist Märchen an eist Geschenk decidéiren mir zesummen an eiser Meute. Zahlreich erwarden d'Koppel vun Luxemburgesien iech am Norden vum Land zu Clierf bai de Pateren. Wann dir dësen historëschen Moment nüt verpassen wëllt an all déi aaner Wöllefcher vun der FNEL kenneléiren wëllt, dann mellt iech séier un !

Lénks Patt,

Norina an Tomasius vun Luxemburgesien an den ganzen Haaff

**Rendez-Vous:** Samstes, den 18.03.17 um ..... (kritt dir nach gesot)

**Retour:** Sonndes, den 19.03.17 um 18:00 zu Diddelèng  
>>> 97 Route de Luxembourg, L-3504 Dudelange

**Präiss:** Kritt dir nach matgedeelt !!!

**Souche:** ass oofzegin bis spéitstens den 11.02.2017 !!!

**Waat brauchs du:**

**Fir den Sixplo:**

E Pic-Nic, déng Verkleedung, dem Wöllefchen séng 5 Saachen, dain Foulard, en Bidon mat Waasser, dem Wieder ugepassten Kleeder, an ganz vill Wëssen an Motivatioun !

**Fir d`Sortie bei den Pompjeen:**

Tiptop Uniform, Bierschong, dem Wieder ugepasste Kleeder, 5 Saachen vum Wöllefchen, Bidon

**Fir den Weekend:**

Schloofsaack, Këssen, Wäschsaachen, Gamelle, Pyjama

# Weekend Sixplo&Sortie

Fried Wöllefcher (LX)

## OPGEPASST !!!

Den Sixplo an d`Sortie bei den Pompjeen  
faalen an een Weekend...



Hues du déch och schon eng kéier gefroot vun wou den rouden Pompjeeswon hier kënnt deen mir émmer schon vun wäitem héieren? Wèi së ét färdeg bréngen grousst Feier ze läschen? An wèi d'Pompjeen iwverhaapt esou fonctionèieren?

Wann's du eng Äntwert op all déi Froen wëlls hun an nach aaner Froën hues dann komm mat op eis Sortie bei d'Pompjeen!

Mir ginn zesummen mat den Hoga op Diddelèng an eng Pompjeeszentral an kréien do alles gewisen waat en zukünftegen Pompjee wëssen muss!

Natierlech kréien mir och daat eent oder daat aanert iwver d'Eischt Hëllef erzielt.

Verpass op keen Fall déi eemoleg Geleeënheet!

Heimat erlaaben ech .....

méngem Kand ..... matzegoën op

den ganzen Weekend (Sixplo+Iwwernuechtung+Sortie Pompjee)

némmen mat op den Sixplo (Auerzäit gi der nach gewuer)

némmen mat op Sortie Pompjee (13Auer beim Home LBB & Retour 18Auer zu Diddelèng (97, Route de Luxembourg L-3504 Dudelange)



Ënnerschrëft .....

# **EXPLORER-Weekend** für Explorer(EX)

**SAVE the  
DATE**



**!!! 18.-19.03.2017 !!!**

**Détailier kommen no**

• • •

**ERIC m.**

# Schaff-DAAG am Home fir jiddereen

!!! UN ALL  
EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE,  
AMICALEN, CP'en & FRËNN !!!

D'Fénsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nët méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...



Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-WEEKEND den 4-5.März 2017 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen Weekend kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nët däin Schued sinn. Natiirlech gët nët nëmmen geschafft. NeeNee !!! Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Daag! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot gin, dass Näisch vun Näisch kënnt :):) Allerdéngs ass émmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nët ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser! Also mell dëch séier mat der Souche un oder schreiw e Mail !!!

## WICHTEG INFOS:

Rendez-Vous:

Den 4. März 17 um .....8 Auer MAT Kaffi  
.....9 Auer OUNI Kaffi

Schluss:

Den 5.März 17 um 16 Auer.

Wou?

Natiirlech am Home.

Waat brauchs du?

Schaffhännchen, nët déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...



## dëng SOUCHE:

Dës kanns du oofign beim Atra oder engem Comitésmember oder du schécks eng Mail op [comite@lionsbleus.lu](mailto:comite@lionsbleus.lu)



Heimat mellen ech \_\_\_\_\_ möch un fir den Schaff-WEEKEND am Home fir den 4-5.März 2017 an kommen

- Samstes um 8 mat Kaffi
- Samstes um 9 ouni Kaffi  
(WEG ukraizen)

Énnerschrëft: \_\_\_\_\_



# OuschterWeekend

fir Beaver(BV)



Bass de motivéiert fir een neit Land an eng nei Kultur ze entdecken?  
Dann bass du bei dësem Weekend genau richteg!

An zwee onvergiesslechen Deeg entdecken mir Schottland bis an dat klengsten Detail! Also mell dech séier genuch un fir dass de mat kanns kommen an bei den weltbekannten „schotteschen Highland-Games matspillen kanns!



Rendez-Vous: Samstes, den 08.04.17 um 14:00 beim Home LBB

Retour: Sonndes, den 09.04.17 um 15:00 beim Home LBB

Präiss: **25 Euro** sinn ze iwwerweisen bis den 18.03.2017 op de Compte:  
Les Lions Bleus Asbl-Beaver > CCPL LU87 1111 2571 8942 0000  
mat der Mentioun: Ouschterweekend 2017 + Numm vum Kand

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 18.03.2017 bei dèngen Cheffen !!!

Waat brauchs dë: Dem Wieder ugepassten Kleeder, Ersatzënnerwäsch, Foulard, Wäschsaachen, Schloofsaack, Täschenluucht, gefellten Bidon, Kaap, ...

Heimat erlaaben ech .....

méngem Beaver .....

den 08-09.04.2017 um Ouschter-Weekend deel ze huelen.

Ënnerschrëft .....



# OuschterWeekend

fir Wöllef(LX)

Tyranosaurus, Diplodocus seet dir daat eppes ? Wolls du déi schon èmmer emol gesinn ? Entdecken wéi déi gelieft hun, waat si giess hun an wéi hier Ëmwelt war ? Dann komm mat op dësen flotte Week-end am Thema „Flintstones“, eng berühmte Famill déi mat Dinosaurier gelieft huet. Op der Aktivitéit wäerte mir ewèi d'Flintstones liewen an dir Alles bibréngéen waat een brauch fir bei den Dinos ze iwwerliewen. An wèi's du wahrscheinlech wees war daat Liewen nüt esou einfach an sècher eng Erausfuerderung fir all d'Wöllefcher gewiescht. Falls du wëssen wëlls wèi's du dëch do geschléen häss,, dann komm mat op dës spannend Forschungsrees !!!



Rendez-Vous:

Samstes, den 22.04.17 um 08:30 op der Gare centrale Luxembourg.

Retour:

Sonndes, den 23.04.17 um 14:00 beim Home vun den Loutres,

>> (16, Haardter Wee L-7534 Mersch)

Präiss: **25 Euro** sinn op den Compte vun Les Lions Bleus Asbl - Meute > CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000  
ze iwwerweisen bis den 01/04/17 mat der Mentioun: OuschterWeekend 2017 + Numm vum Kand

Souche:

ass oofzeginn bis spéitstens den 01.04.2017 !!!

Waat brauchs du:

Dem Wieder ungepassten Kleeder, Bierschong, Bidon, dem Wöllefchen seng 5 Saachen, Schloofsaack, Wäschsaachen, Ersatzënnerwäsch & Kleeder ...

Heimat erlaaben ech .....

ménge Kand .....

den 22.-23.04.2017 op den OuschterWeekend matzegöen.

Ënnerschrëft .....



# ROVER-Weekend

fir d'Rover(RO)



## Rover- WE

**Jo,** du gesäis richteg, et ass eng Informatioun iwwert den Rover-WE am Fréijoer.

Dëst Joer ass am Fréijoer emol erëm en Rover-WE



29. + 30. Abrëll 2017 zu ???

Départ géint 10:00 Auer zu ???

Retour géint 17:00 Auer zu ???

Wëlls du matgoen, ma dann mell dech elo un op: [paco\\_grizzly@hotmail.com](mailto:paco_grizzly@hotmail.com) oder um 790238

Weider Informatiounen kommen no.

Material ass dat üblecht , was du fir en Rover-We brauchs.

Du brauchs och en Pic-Nic fir Samschdes Mëttes an Gegrills fir Sonndes Mëttes.

# SORTIE Bauerenhaff

fir Wöllef(LX)

Léif Wöllef,

Mir ginn den 6. Mee op den Bauerenhaff zu Rolleng !  
Do wäerten mir vun engem Biobauer alles gewisen kréien wat  
ët op engem Bauerenhaff ze gesinn gët, an méi ;)  
Mir wärten Déieren gesinn, Trakteren bewonneren kënnen,  
Natur ronderëm bestaunen an natierlech frësch Saachen  
schmaachen ze krèien.



Start: Samstes, den 6.Mee 2017 um 08:45 bei der Gëlle Fra an der Stadt  
Schluss: Samstes, den 6.Mee 2017 um 17:00 bei der Gëlle Fra an der Stadt

Präiss: **16 Euro** sinn op den Compte Les Lions Bleus Asbl - Meute  
CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000 ze iwwerweisen, mat der  
Mentioun: Sortie Baurenhaff 2017 + Numm vum Kand

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 08.04.2017 !!!


Waat brauchs du: Dem Wieder ungepassten Kleeder, Bierschong, Bidon & Pic-Nic


Heimat erlaaben ech .....

méngem Kand .....

den 06.05.2017 op d`Sortie Baurenhaff matzegoen.

Ënnerschrëft .....





**Wéini? >>> 6.-7.Mee 2017**  
**Wou? >>> um Misärshaff am Thema Baurenhaff**  
**Umelldung?** per Souche&Iwwerweisung bis den 1.04.17  
**Präiss? 25€** op den Konto: Les Lions Bleus-Troupe  
(CCPL LU10 1111 7017 3032 0000)  
mat der Mentioun: ,Explo 2017 & Numm vum Scout'

**WICHTEG!!!** Den Explo ass dobaussen, denkt also un ärre warmen Schloofsaack! RDV an weider Détailier an vun der définitiver Verkleedung kommen bei der Umelldung no.

Lèif Scouten schéckt eis är Propose fir d'Verkleedung  
vun engem Dèier vum Bauerhaff pro Patrull bis  
den 17.02.17 op troupe@lionsbleus.lu eran.





## OFFROAD- Seefekëschtenrennen 2017

>>> Vum 12.-14. Mee 2017 ass den Raid an Raid+ <<<

Vun Freides op Samstes ass den klassegen Raid an vun Samstes op Sonndes ass de Raid +, deen besteet dëst Joer aus engem Offroad-Seefekëschterennen. Fir dass dir Ierch elo schon kënnt Gedanken iwwert är Seefekësch maachen sinn hei schon mol d'Reegelen an dëi eenzel Challenzen dëi ustoen wärten.

### **Regelen:**

- " Är Seefekësch muss an engem Thema sinn, heizou gehéiert och är Verkleedung
- " Max. 2 Insassen pro Seefekësch
- " D'Seefekësch muss steier- & bremsbar sinn
- " Et darf keen Undriw, Pedalen oder Ähnleches un der Seefekësch sinn
- " Dir musst mindestens 3 Kontaktpunkter (Rieder, Schlitter,...) zum Buedem hun
- " De Buedem vun der Seefekësch muss zou sinn (duerchgehend Plaquette)
- " D'Seefekëschten déi nüt tauglech ausgesinn oder wou een Sécherheetsrisiko ugeholl gët, können duerch d'Explorerekipp ausgeschloss ginn

### **Challenzen:**

- " Bescht Thema
- " Bescht Zäit
- " Kierzten Bremswee



Wëlls du also zesummen mat eiser Unitéit um Seefekëschtenrennen deel huelen, dann mell déch per mail op [explorer@lionsbleus.lu](mailto:explorer@lionsbleus.lu) un.

**Informationen zum RAID (fir Freides op Samstes) kommen no !**

# Päischtcamp

## fir den ganzen Grupp



Am Land vun den Faarwen ass Krich ausgebrach. Den Kinnèk vun den Faarwen ass vum Generol Groo gestierzt ginn an beherrscht elo daat ganzt Land mat Terror. Nëmmen d'Ritter vun den hellege Faarwen können elo nach do de béisene Generol Groo mat sénger Arméi vun den schwaarzen Zaldoten retten... Allerdéngs sinn dës verschwonnenen an elo brauch de Kinnèk Är Hellef. Kënnt dir him hëlfen? Kënn dir hëlfen d'Ritter vun den Faarwen erëmzefannen? Dann kommt all mat op den Päischtcamp an hëlleft den Fridden am Land vun den Faarwen erëm hirzestellen!

### Départ ?

#### SCOUTEN/EXPLORER/ROVER:

Den 3.Juni 2017 um 9.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg an TIPTOPER Uniform mat PIC-NIC.

#### BEAVER/WËLLEF:

Den 3.Juni 2017 um 14.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg an TIPTOPER Uniform.



### Retour ?

#### BEAVER:

Den 5.Juni 2017 um 17.00 Auer

#### WËLLEF/SCOUTEN/EXPLORER/ROVER:

Den 6.Juni 2017 um 16.00 Auer

### Präis ?

**55 EUR** (Wöllef, Scouten, Explorer, Rover) respektiv **40 EUR** (Beaver) sin op de Compte LBB Rover (CCPL LU22 1111 7017 2426 0000) ze iwwerweisen bis den **19.Mee 2017**.

### Souche ?

Ass oofzeginn bis de 20.Mee 2017 bei déngen Cheffen.

### Material?

**Scoutsrucksack** mat Schloofsaack, Carrymatt(ausser fir BV), Täscheluucht, **Gamelle/Besteck/Becher/2 Kichendicher**, Liicht Schung, Biergschong, Wässsaachen, Pijama, Täschemesser, dem Wieder ugepasste Kleeder(3 Garnituren, KENG Joggingsbox), JumboKaart/2 Roud Ticketen, Schwammsaachen...  
**Klenge Rucksack vir um RDV:** Kaap, Sonnecréme, Bidon, Reejacket, dem Wöllefchen séng 5 Saachen, Bidon mat Waasser, Scoutsbichelchen...



Heimat erlaaben ech..... ménagem

**Beaver/Wöllefchen/Scout/Explorer/Rover**



.....  
um Päischtcamp 2017(03-06/06/2017) mat deel ze huelen

Énnerschrëft: .....



# Programm Beaver

BV - Programm

## Februar

04.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
11.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
18.+25.	keng Versammlungen (Vakanz)	

## März

04.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
11.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
18.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
25.	BeaverVersammlung	14:00-16:00

## Abrëll

01.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
08./15./22.	keng Versammlungen (Vakanz)	
08.-09.	OUSCHTERWEEKEND	
29.	BeaverVersammlung	14:00-16:00

## Mee

06.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
13.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
20.	FNEL Beaver Fun-Day	
27.	BeaverVersammlung	14:00-16:00




Beaverklack  
Tic-Tac,GriGri,Spitzky,Hawky,  
Foxy,Elsa,Joly

# Programm Wöllef

LX - Programm

## FEBRUAR

- |         |                                 |             |
|---------|---------------------------------|-------------|
| 04.     | Versammlung                     | 14:00-16:00 |
| 11.     | Versammlung                     | 14:00-16:00 |
| 18./25. | keng Versammlungen (FuesVakanz) |             |



## MÄRZ

- |         |  |             |
|---------|--|-------------|
| 04.     | Versammlung                            | 14:00-16:00 |
| 11.     | Versammlung                            | 14:00-16:00 |
| 18.-19. | WEEKEND (FNEL Sixplo & Sortie Pompjee) |             |
| 25.     | Versammlung                            | 14:00-16:00 |


## ABRËLL

- |           |                                     |             |
|-----------|-------------------------------------|-------------|
| 01.       | Versammlung                         | 14:00-16:00 |
| 08/15/22. | keng Versammlungen (OuschterVakanz) |             |
| 22.-23.   | OUSCHTER-WEEKEND                    |             |
| 29.       | Versammlung                         | 14:00-16:00 |

## MEE

- |     |                      |             |
|-----|----------------------|-------------|
| 06. | SORTIE - BAUERENHAFF |             |
| 13. | Versammlung          | 14:00-16:00 |
| 20. | Versammlung          | 14:00-16:00 |
| 21. | FNEL Sixer-Daag      |             |
| 27. | SORTIE               |             |

03.-06.06.2017 > GRUPPEN PËNGSCHTCAMP



## Lènks Patt

Bagheera, Kaa, Raschka, Tschill, Baloo

# Programm Scouten SG - Programm



## FEBRUAR

- |         |                                   |             |
|---------|-----------------------------------|-------------|
| 04.     | Patrullenversammlung              | 14:00-16:00 |
| 11.     | Truppenversammlung                | 14:00-16:00 |
| 18./25. | keng Versammlungen (Vakanz)       |             |
| 17.-26. | TECHUANA (fir dëi grouss Scouten) |             |



## MÄRZ

- |     |   |             |
|-----|---|-------------|
| 04. | Truppenversammlung<br>(LBB SCHAFF-WEEK fir jiddereen ab EX-Alter & Cp'en) | 14:00-16:00 |
| 11. | Patrullenversammlung  | 14:00-16:00 |
| 18. | Patrullenversammlung  | 14:00-16:00 |
| 25. | Truppenversammlung  | 14:00-16:00 |

## ABRËLL

- |           |                             |             |
|-----------|-----------------------------|-------------|
| 01.       | Truppenversammlung          | 14:00-16:00 |
| 8./15/22. | keng Versammlungen (Vakanz) |             |
| 29.       | Truppenversammlung          | 14:00-16:00 |

## MEE

- |         |                      |             |
|---------|----------------------|-------------|
| 06.-07. | FNEL EXPLO           |             |
| 13.     | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 20.     | Truppenversammlung   | 14:00-16:00 |
| 27.     | SORTIE               |             |

**GRUPPEN-PËNGSCHTCAMP > 3.06.06.2017**



# Programm Explorer EX - Programm

## Februar

04.02.17  
11.02.17  
18./25.02.17  
17.-26.02.17

Explorerversammlung  
keng Versammlung  
keng Versammlungen (Vakanz)  
TECHUANA

16-18 Auer

am Home LBB

## März

04.-05.03.17  
11.03.17  
18.-19.03.17  
25.03.17

LBB SCHAFF-WEEKEND  
keng Versammlung  
EX-WEEKEND  
keng Versammlung

## Abrëll

01.04.17  
8./15./22.04.17  
29.04.17

Unitéitsversammlung  
keng Versammlungen (Vakanz)  
Explorerversammlung

16-18 Auer

16-18 Auer

am Home LBB

am Home LBB

## Mee

06.05.17  
12.-14.05.17  
20.05.17  
27.05.17

keng Versammlung  
FNEL RAID  
Unitéitsversammlung  
keng Versammlung

16-18 Auer

am Home LBB

GRUPPEN-PËNGSCHTCAMP >>> 03.-06.06.2017



Fir d'Unitéit: Eric M., Max ...

# Programm Rover

## RO - Programm

17.-26.02.2017  
18.02.2017  
04.-05.03.2017  
01.04.2017  
29.-30.04.2017  
03.-06.06.2017  
22.06.2017

Techuana, WanterCamp an Éisterraich  
FNEL RoverQuiz  
LBB SchaffWeekend  
FNEL Rover Hunt'it  
LBB Rover-Weekend  
LBB Gruppen PëngschtCamp  
Faakelzuch & LBB Grillstand

# RAPPORT Staat-SORTIE

Beaver



## STAATS-SORTIE vun de BV den 26.11.16

Während eiser Sortie hun mir iwwert den ganzen Daag zesummen mat eiser Beaver-Colonie vill Aktivitéiten duerch déi ganz Staat gemaach an hun dobei och nach ganz vill iwwert eis schéin kleng Staat geléiert.

ENNERT aanerem hun mer:  
Memory mat Fotoen vun der Staat,  
en groussen Tic-Tac-Toe gespillt,  
en Roud-Wäiss-Bloën Bracelet gebastelt,  
Geheimschreften endziffert,  
an an an ...

## SPITZKI



# RAPPORT RoverWeekend

Rover

## Rover-Weekend 03-04/12/2016

Wéi gewinnt hu mer eis alleguer moies zu Dummeldèng op der Gare getraff wou mer eis grouss Rucksäck oofginn hun an eisen éischten Message kruuten, een Puzzel vun enger Kaart. Mer haaten séier eraus dat Kaart aus der Géigend vun der Kockelscheier wier, mee dunn huet den Wand eis d'Aarbëscht bëssen erschwéiert bis mer Plaatz virun der Äispist endlech entdeckt haaten. Bis op Kockelscheier hun mer den Bus geholl. Do ukomm sinn mer zu Fouss weider gaangen. Den Wee huet eis iwver d'Kockelscheier, Hesper, Holleschbierg, Izeg an iergend wann no kaalen an laangen 20km iwver Makadamm zeréck an eist Home gefouert. Bei eisem drëtten Message virun Hesper hun mer eng kleng Mëttespaus gemeet, ier mer weider an den Hesperpark getrëppelt sinn. Wèi mer zu Izeg worn, wollten mer eis kuerz opwiermen goën an eppes drénken, mee mer hun keen Café fonnt deen op war. Dunn hun mer eis Kontakter spiller gelooss an sinn an den Café Fischer gaangen deen extra fir eis opgemeet huet an extra nach missen per Express huet missen beliwwert ginn. No eiser klenger Paus sinn mer erém weider duerch d'Keelt gaangen um Steckelt'er Mauer huet eis eisen Wee endlech een Stéck duerch den Bësch op Gante-beinsmillen gefouert. Hei louch dunn den leschten Message deen eis an d'Home geschéckt huet. Am Home ukomm ass beim Feier am Grousse Sall den Apéritif gedronk ginn an d'Dëscher fir d'lessen préparéiert ginn. No enger gemittlecher Raclette gouf den Owend gemittlech an lues a lues auskléngen gelooss.

Sonndes, nodeems mer eis Auto'en déi nach zu Dummeldèng stoungen beim Home haaten an alles geraumt an gebotzt war, hun mer eng Platz gesicht wou mer kéinten grillen goën. Schlussendlech sinn mer an de Baambësch an d'Reidrränk gefuer. D'Feier haaten mer séier un, lo hun mer just nach missen waarden bis mer d'Gegrills konnten opleeën. Géint 16h war alles angepaackt an den Wanter-Rover-Weekend 2016 war eriwwer.

TAHR



## PHOTOCOLLAGE

Back 2 Batavia



# RAPPORT KrëschtCamp

Groupe

## Rapport KrëschtCamp\_BEAVER

Um 14:00 hun sech all Branchen op der Gare zu Dommeldeng getraff an wei jiddereen do wor, hun d'Beaver sech mat den Wellef zesummen op den Wee gemach fir an den Home, d'Géisserei. Wei mer ukomm sinn, hunn d'Beaver hier Rucksäck oofgeluecht an mir sinn hannert den Home op d'Wiss gaang an hun do puer Spiller gemach. Well et ganz seier immens kahl ginn ass, sinn mer eis installeieren gaang an hunn am groussen Sall Jeopardy gespillt, an eisen Detektivausweis gebastelt. Nom Owendiessen hu mer all zesummen d'Noorichten vum Daag gekuckt, wou mer gewuer gouffen dass eng Fra, dei Laurence heescht, embruecht gouff an lo vill Hellef gebraucht gett fir den Täter ze fannen! Dono sinn d'Beaver schloofen gaang.

No der eischter Nuescht gouff Moies Frühsport gemach fir fit ze ginn, fir kennen den Täter ze fänken. Nom English Breakfast hunn d'Beaver hieren Agententraining am Park absolveiert. Mir hun geübt wei en zielt, wei een sech vun Wanzen schützen kann, Identiteiten rauszefanne, Schwertkampf,... Wei Zeit gouf fir d'Mettegiessen sinn mer nees zreck gaang. Nom Mettegiessen gouffen d'Schwammsaachen gepaack an mir hun eis op den Wee gemach fir an d'Coque schwammen ze goen. Agenten müssen jo och schwammen kennen! Noom Schwammen gouff an ganze Grupp Cluedo gespillt fir Hinweider ze fannen, wei den Täter ausgesait, wou an weini en als läscht gesin gouff. Well et ugefaang huet mat reenen hunn mer eis op den Wee gemach fir nees zreck an den Home fir do d'Hinweiser zesummen ze sichen an dobei hu mer rausfonnt dass den Täter en Mann mat Kaap ass den di leschte Keier um 15:00 an enger Hütt gesin gouff. Dono war schon rem Zeit fir lessen an wei mer ferdeg waren sin d'Explorer direkt lassgaangen fir no där Hütt ze sichen an den Täter ze fenken. Dei aner Branchen hu missen zu där Zeit verschidden Challenzen erfellen, zB Nuddelen der Längt no sorteieren, Coordinaten op der Kaart fannen, Kaartenhaus bauen,... Domatt ass den zweeten Daag och nees zu Enn gaang.

Den leschten Daag huet och mat Frühsport ugefaang an nom Frühsport gouffen d'Rucksäck gepaak. D'Beaver hu Moies nach verschidden Posten gemeet bis et lessenszeit wor. Nom lessen gouff een groussen Carré gepaff, wou dann beemol den Täter opgetaucht ass. Wei en gesin gouff ass en seier fochtgelaaf an ass an en Auto geklomm an ass fochtgefűr, leider huet en awer en Steck vun engem Hinweis verluer. Doropshin hunn sech all Branchen an drei Gruppen op den Wee gemach fir all Hinweis ze sammelen an zesummen ze setzen an doropshin hun se rausfonnt wou hien wunnt. Wei mer all zesummen beim Haus waren, huet jiddereen matgeschafft an hun heen gefaang wei en wollt fochtlaafen. Den Täter gouff vun der Police matgeholl an gouff an den Prisong gefouert. Vun Beaver bis Explorer ass nees jiddereen bei den Home gaang fir den Rucksak sichen ze goen an zesummen sin mer bei d'Gare getreppelt wou mer nach eng Chaine des Adieux gemeet hun an eis dann all Eddi sooten.

SPIZKI



# RAPPORT KrëschtCamp

Groupe

## Rapport: KrëschtCamp\_WËLLEF

### 1.Daag

Mir hun eis Freides um 14:00 op der Dummeldenger Gare getraff wou mir dann zesummen mat den Beaver an den Home getreppelt sin. Do sin mir eis installeire gangen an hun dono am grousse Sall e puer Detektivspiller gemach. Well d'Mathilda haut Gebuertsdag hunn mer dono fir hat gesongen an kruutens all een Stéck Kuch deen hat matbruecht hat. Dunn si mer raus an den Park gang fir een Spill ze machen wou en verschidden Saachen richen misst an se benennen an zouordnen misst. Well sou eng flott Spillplatz an deem Park war, hun mer die Zeit och genotzt fir do ze spinnen.

Owes gouf et gefällten Tomaten an Ebly z'iessen. Dono hun mer zesummen d'Noorichten op RTL gekuckt, wou mer rausfonnt datt een Mord geschitt war. Dorops hin sin mer als Detektiven an de Casino gang, deen am groussen Sall war. Do konnten mer mat Goldnuggets verschidden Spiller maachen an och Saachen an enger Baar kaafen fir z'iessen an ze drenken. Nom Casino sin mer schloofen gangen.

### 2.Daag

Dëse Moien ass mat Frühspor lass gang an duerno gouf et English Breakfast. No desem gudden Moiesiessen ass et weidergang mat engem Agententraining am Park an Form vun engem Parcours wou een zum Schluss misst duerch een "Lasernetz"kommen an dann mat engem Ball een Chef misst treffen. Duerno gouf et Hachis Parmentier als Mettegiessen. Nom lessen hun mir alles leien geloos fir den Bus ze kreien fir an d'Coque, gottseidank war d'Kachéquipe sou léif eis Gamellen fir eis ze spullen. An der Coque hun mer dann all zesummen e puer Aufgaben gemach fir den Schwammbadge ze kreien an dono konnten mer nach bessen am Waasser spinnen. Rem zereck beim Home hun mer eis naas Saachen opgehengt an sin all zesummen an den Park gang fir een grousst Cluedospill ze spinnen. All Grupp kruut een Ziedel mat verschiddenen Plaatzen, Zeiten an Persounen drop. Dann missten mer emmer würfelen an deen Chef fannen deen die gewürfelt Zuel haat. Deen Chef huet eis dann een hinweis gin mat deem mer eppes op eiser Lëscht ausschléissen konnten. No enger Zeit haat en also d'Léisung dann well an all Kategorie just nach eppes iwereg war. Leider huet et awer ugefang mat reenen sou dass mir rangang sin an all eis Hinweiser ausgewert goufen. Mat desen Informatiounen wossten mir, dass seng den Täter vum Mord an enger Hütt am Besch ophält an eng Kaap unhuet.

D'Explorer hun sech also nach um Owend selwer op de Wee ei des Hütt gemaach. Mir haten nom Owesiessen zesummen mat den Beaver an den Scouten en Challengeowend wou mer während enger Stonn lauter Aufgaben hu missen maachen wie z.B. mat Raam an enger Fläsch, Botter maachen, oder eng Pyramid mat der ganzer Patrull firweisen. Dono ass et och schon erem an d'Bett gangen.



# RAPPORT KrëschtCamp

Groupe

## 3.Daag

Den nächsten Moien war erem Frühspor an no den Chargen hun mer eis Saachen gepack. Dono hun mer am grousse Sall 3 verschidden Atelierien gemach, een wou een Methoden fir onsichtbar ze schreiwen geleiert huet, een aneren wou een gewisen kruut wate en alles mat Fangerofdreck maachen kann an wie een se ennerscheet, an een leschten wou mer eng Lupp konnten bastelen. Dono gouf et Gromperenzalot mat Wirschescher z'iessen an d'Explorer waren och erem vun hierer Expeditioun bei die Hütt am Bësch. Sie hun do een Steck aus engem gewessen Toni sengem Tagebuch font wat sie eis firgelies hun. Do huet hien seng Tat dran gestaanen an beréit. Hien war ausserdem Ugestellten beim Botzpersonal vum Geheimdengscht an sollt haut de mëtteg botzen kommen. Wou mir dunn baussen ee Carrée gemach hun, koum hien eis entgeint an ass, wou mer en fänken wollten mat engem Komplizen mam Auto geflücht. Et war awer eng Enveloppe aus dem Auto gefall an doropshin sin mer him op der Spuer bliwer. Dess Spuer huet eis bei een Haus um Enn vun enger Strooss am Besch gefouert wou mer hien dunn endlech fonnt an gefang hun. Nodeems d'Police en op der Platz festgeholl haat sin mer schnell zreck bei den Home an anschliessend op d'Gare getreppelt wou eis Elteren schon gewaart hun. Do kruuten mer nach all een Diplom vum Geheimdengscht iwerreecht.

## RASCHKA



## Rapport KrëschtCamp\_TROUPE

### Dag1

Scouten kruten um rendez-vous en Message deen se ant Staat geschéckt huet. An der Staat wieren nach vill Geheimagenten gewiescht déi den Scouten hier Geheimagenten Qualitéiten getest hätten mee di hunn Scouten ni fonnt. Géint 18:00 sinn t Scouten ukomm an hunn sech installéiert. Dono gouf et ziessen. Den Owend sinn t Geheimagenten mat hirem Fall konfrontéiert ginn. Am Casino konnten angehend Geheimagenten hier kennen énner beweis setzen.

### Dag2


Moies gouf Frühspor gemaach fir gutt an den daach zestarten. Moies gouf et typesch Englesch Moiesiessen mat speck, er, bakedbeans an toast. Nom moies iessen stoung den ausféierlechen Agententraining un. Nom mëttes lessen géing et ant Schwämm wou Scouten den Schwëmmer-batsch absolvéiert hunn. D'Agenten kruuten Hëllef vun engem geheimen Informant den um 16:00 am Park op d'Agenten géif waarden. Am Park kruuten d'Kanner Informatiounen wier hiren Fall ze léisen. Owes gouf et Polenta mat Salcia. Nom Owes iessen kruten Agenten Chance fir hir Geschécklechkeet an form vun Challenges weisen. No den Challenges konnten d'Scouten nach gemittlech zesummen den Owend verbréngen.

# RAPPORT KrëschtCamp

Groupe

Moies gouf Frëhsport gemaach fir gutt an den daach ze starten. No schmieren mat Gebeess hunn t' Scouter mat hiren Cheffen schonn ugefaangen t' Home botzen . An hunn nach e puer Spiller dobaussen am Park gemaach. Mëttes gouf et Gromperenzalot mat wurscht. Explorer di den Informatiounen deit Agenten am Park gesammelt hunn, hunn an enger Hütt am Bësch en Tagebuch eintrag fonnt wou den Toni zouginn huet den Täter ze sinn. Wou alt Agenten prett dobaussen am Carré stoungen ass den Toni geträppelt komm. D Cheffen hunn den Toni direkt erkannt an hien ass schnell an den Auto vun sengen Komplizen gelaf deen mat kwiitchenden räifen fort gefuer ass. Direkt dono hunn sech t'Agenten opt sich vum Toni gemaach. Agenten hunn den Toni an enger Hütt am Bësch fonnt ant Police ass komm fir den Toni festzehuelen. No deems den Fall geléist wär kruten t'Agenten hiren verdéngten Diplom.

ALEKSIS



# PHOTOCOLLAGE BV SchlittschongSortie



# Shop Lions Bleus

LBB-Shop

Séchert Ierch elo den

## Starter-Pack\_Lions Bleus

### De Präiss schléit an !!!

Alles waats du brauchs fir e gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! Daat Ganzt an enger spezieller Offer fénns du elo némmen an dèngem LBB-Shop vum Vertrauen.



LBB-Pullover




Eenzelpräiss

25 €



LBB-T-Shirt




Eenzelpräiss

12 €



LBB-100-Becher



Eenzelpräiss

16 €



LBB-Kaap/Mutz




Eenzelpräiss

12 €

**TOTAL**

~~65 €~~

**55 €**



### Aaner Produkt'en am LBB-Shop:

LBB-Mutz	12 €
Foulard	5 €
Knuet	4,5 €
Vademecum (Wöllef)	10 €
Scoutsbichelchen	11 €
De Jaizert	10 €
LBB-Badge	4 €

**an nach VILLES mèi !!!**

> WÉINI ass den BUTTIK op ??? > vun 15:45-16:15 > **11/02/17, 25/03/17, 29/04/17...**

# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



**MERCI** nach emol un all dèi Lèit dèi, eis Nationalfeierdaag op eisem Grillstand besicht hun, an deen een oder aaneren Patt&Wupp consommèiert hun.

Dank lerch, konnten mer een Deel vum Benefice un eis ONGD-FNEL spenden fir hier/eis Projet'en ze énnerstötzen.

Wëlls du mèi wëssen dann informèier déch énner: [www.ongd-fnel.lu](http://www.ongd-fnel.lu)




# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



>>> Krëschtpost & Post  
vun eiser indëscher  
Patenschaft ...



Am Numm  
vun de Mataarbeiter  
an de Reederches vum  
Schmader Haff,

André Scherer

Schéi Chrëschtdéeg a vill Glück am neit Joer

Meilleurs Vœux pour Noël et le Nouvel An

Frohe Weihnachten und ein glückliches neues Jahr

Merry Christmas and a Happy New Year

Feliz Natal e um feliz ano novo


# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



## POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz...  
an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart  
schècken?  
Dann zéck nüt laang an schèck së op:  
**Les Lions Bleus BP1026 L-1010 Luxembourg**  
Mir geifen eis jidderfalls freen an së an der  
nächster Wandrous publiziieren.  
**Also e Grond mèi fir eng Vakanz :):):)**



# WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

Nouv.Adresse:  
61A, rue de Trèves  
L-2630 Cents  
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

**17:00 - 19:00**

Den ScoutsShop ass **ëmmer**  
**Donneschdes** op, ausser  
während den Schoulvakanznen!!!

### ALLGEMENG Datumer:

- 04-05/02/2017 Bosses et Bobos (1)
- 11-12/02/2017 Tronc commun (2)
- 16/02/2017 Réunion semestrielle
- 18/02/2017 RO-Quiz (organisé par GS)
- 11-12/03/2017 SG Formatiouns-Weekend
- 15/03/2017 CoGro
- 18/03/2017 LX Sixplo
- 18-19/03/2017 SG CheffenWeekend
- 25-26/03/2017 Bosses et Bobos (2)
- 01/04/2017 RO Hunt'it

- 08-11/04/2017 LS FormationsCamp
- 08-11/04/2017 EX Brevêt
- 06-07/05/2017 SG Explo
- 12-14/05/2017 EX Raid
- 17/05/2017 CoGro
- 20/05/2017 BV Funday
- 17-18/06/2017 BV Weekend
- 05/07/2017 CoGro
- 09/07/2017 Pow-Wow
- 02-12/08/2017 Camp fédéral'17 - Sauvage (D)

# **et schéngt**

**et schéngt**

- 01) wèi wann d'Rover en passant zu Izeg deen neien Café getest hätten deen 24/24h an 7/7 op hätt.
- 02) dat verschidden Lèit eppes bäigelèiert hun um RO-WE an lo wëssen dat d'Feier nawell waarm ass.
- 03) wèi wann eis Beaver nei Bekanntschaften gemaach hun mat den Panteren vun Luerenzweiler.
- 04) dat den dësjährege Kréschtcamp no enger mèi laanger Zäit mol nees emol een Gruppencamp wor.
- 05) dat eis Kamerafra bei der Produktion vun eisem KréschtcampFilm liicht Schwieregkeeten gehat huet.
- 06) wèi wann Wöllefcherscheffen sèch op der Pneu-Schaukel vun den Kanner schaukelen gelooss hun.
- 07) wèi wann eist Spitzki zimmlech gudd mat sèngen Schlittschung um Äis énnerwee gewierscht wier.
- 08) dat d'Scouten nüt alleng op hierer NordicSortie an dono op der Schlittschongspist waren.
- 09) wèi wann Explorer eng fetzeg Flitz-Maschinn op d'Been gestallt hätten fir den FNEL Explorer-Raid.
- 10) wèi wann eis zu Ouren komm wier dat Nowues an eisem klengen Léiwen-Grupp énnerwee wier.
- 11) dat op der Assemblée générale eis Invitéen op een Neits mat lauter Leckereien verwinnt goufen.
- 12) wèi wann FNEL Enn Januar no engem Joér Paus nees op den CheffenCityTrip angelueden haat.
- 13) wèi wann Techuana och nees um Joreskalenner vun den Lions Bleus awer leider nüt fir Jidderee 9
- 14) dat Blo Léiwen no 2014 e weideren Jubiläum feieren können an daat an klenger Ronn wärten maan.
- 15) wèi wann eisen Grupp een Deel vum Boni vum Grillstand N-Feierdag un ONGD-FNEL gespend hätt.
- 16) dat eis jonk Studenten&Cheffen Breeze, Nora & Sophie och Loscht haaten op een CheffenCityTrip.
- 17) wèi wann den TattüTatta huet missen emol um KréschtCamp urullen well 1 sèch AUA gemeet haat.
- 18) dat nom Erfolleg vum letzten RoverWeekend sèch nees eng nei Organion fonnt huet fir Edition Mai.
- 19) dat d'FNEL resp.Respo vun der Scoutsbranche sèch eppes Neies fir Cheffen anfaalen geloos hun.
- 20) wèi wann den RO-Quiz dës Joér vun den Gréngen Scouten an den Deckelsmouken oraniséiert gët.

# **et schéngt nüt némmer**

**et schéngt nüt némmer**

- 01) dat do an der Kichen iwver dem Lavabo anscheinend zwee Fernseher hänken gëifen.
- 02) wèi wann dann soumat och eng Box schmälzen kann wann een dësem ze no gëif kommen.
- 03) dass sie all zesummen eng super flott SchlittschongSortie op der Kockelscheier verbruecht haaten.
- 04) wèi wann all Branchen zesummegehaalen hun an zum Schluss dem Laurence sain Täter fonnt hun.
- 05) wèi wann aus deenen 4 Versich Improtheater am Ufank leider just ganzer 4 Fotoen erauskomm sinn.
- 06) dat Kaa zum Thibault gemengt huet: Thibault tu peut continuer de nous vaguer! Ganz international :)
- 07) dat daat déi aaner BV-Cheffen: TicTac, GriGri an Hawky nüt sou vun sèch behaapten kéinten
- 08) wèi eis Wöllefcher anscheinend och do waren an Sie Allegueren vill Spaass zesummen haaten.
- 09) dat Sie richteg gudd & flässseg drun geschafft hun fir dat Seefenkëscht och voll "Mad-Max" gëif ginn.
- 10) dat mir dem Emys&Carlo All Gudds&Bon courage wënschen an freen eis lo schon op de kl.Beaver.
- 11) wèi wann d'Ännchen Kaiffer ét mat de Portiounen gudd gemengt haat an d'Lèit quasi ausgerult sinn.
- 12) date ng gudd 50 Lèit e flatten Weekend zu Stroosbuerg verbruecht an sèch verwinnen gelooss hun.
- 13) dat keen Mippchen alias 'Laska' matfiert, well hat huet den Gesondheet-&FitnessCheck nüt gepackt.
- 14) wèi wann Sie virun genee 20 Joér (also 1997) fir èischt op den WanterCamp dohinner gefuer sinn.
- 15) dat mir de Cheque dann op eiser Assemblée Générale nach 1xoffiziell un ONGD iwverreecht hätten.
- 16) wèi Sie einafch selwer een spontanen CheffenCityTrip gemeet hun an zwar op Frankfurt bei Lena.
- 17) dat dësen guer nüt mat wollt, well en nüt operèiert wollt ginn>an wor den aaneren Daag nees dobai.
- 18) wèi wann der deen Datum an èischt Information iwver de Weekend ,Enn Abrëll' an der W363 fannt.
- 19) wèi wann d'Scousekipp een CheffenWeekend fir sämtlech aktiv Scoutscheffen geplangt huet.
- 20) dat dësen am Thema Rover-Pursuit steeet, Atelier ass an zum Oofschloss een Concert wärt sinn.

# **les amis des Lions Bleus**

**amis LBB**

Meyer Arlette, Majerus Tina, Thull Kyu, Mme Fay-Bisdorf, Famille Kremer-Braun, Sinner Robert, Anonyme, Majerus Patrick, Famille Schaack-Hirsch Albert, Famille Jung-Thomas, Tunsch Gerard, Sieradzki Peggy, Federmeyer Berthe, Grün Joe, Rohmer Kevin, Heinen Gerard, Famille Reiners, Thibo Charles, Schintgen Claude, Famille Mchale Evelyne-Drennan, Bauler Fränk, Goebbels Joanne, Elvinger Marc, Famill Klein-Schmit, M.Zimer Michel .....

# 3 Mèintprogramm

# 3 Mèintprogramm

## februar'17

Më	1	Permanence
Do	2	
Fr	3	
Sa	4	Beaver / Wöllef / Patrull / Explorer
So	5	
Me	6	
Dë	7	
Më	8	COGRA
Do	9	Comité
Fr	10	
Sa	11	Beaver / Wöllef / Troupe
So	12	
Me	13	
Dë	14	
Më	15	Permanence
Do	16	FNEL Réunion semestrielle
Fr	17	TECHUANA
Sa	18	TECHUANA FNEL RO QUIZ
So	19	TECHUANA
Me	20	TECHUANA
Dë	21	TECHUANA
Më	22	TECHUANA
Do	23	TECHUANA
Fr	24	TECHUANA
Sa	25	TECHUANA
So	26	TECHUANA
Me	27	
Dë	28	

## märz'17

Më	1	Permanence
Do	2	
Fr	3	
Sa	4	Beaver / Wöllef / Troupe <b>LBB SCHAFF-WEEKEND</b>
So	5	<b>LBB SCHAFF-WEEKEND</b>
Me	6	
Dë	7	
Më	8	Permanence
Do	9	
Fr	10	
Sa	11	Beaver / Wöllef / Patrull
So	12	
Me	13	
Dë	14	
Më	15	Permanence
Do	16	Comité
Fr	17	
Sa	18	Beaver / Patrull <b>LX Weekend / EX Weekend</b>
So	19	<b>LX Weekend / EX Weekend</b> FNEL SG-CH Weekend
Me	20	
Dë	21	
Më	22	COGRA
Do	23	
Fr	24	Wandrouseinsendeschluss
Sa	25	Beaver / Wöllef / Troupe
So	26	
Me	27	
Dë	28	
Më	29	Permanence
Do	30	
Fr	31	Wandrousredaktionsschluss

## abrëll'17

Sa	1	Beaver / Wöllef / Troupe / Unitéit <b>FNEL RO Hunt'it</b>
So	2	
Me	3	
Dë	4	
Më	5	Permanence
Do	6	
Fr	7	
Sa	8	<b>BV Weekend</b>
So	9	<b>BV Weekend</b>
Me	10	
Dë	11	
Më	12	
Do	13	
Fr	14	
Sa	15	
So	16	
Me	17	
Dë	18	
Më	19	
Do	20	
Fr	21	
Sa	22	<b>LX Weekend</b>
So	23	<b>LX Weekend</b>
Me	24	
Dë	25	
Më	26	Permanence
Do	27	Comité
Fr	28	
Sa	29	<b>ROVER WEEKEND</b>
So	30	<b>ROVER WEEKEND</b>

# Allerläscht Wandrous - Säit

[www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu)



SCHNÉT-Engelchen ass OUT,  
maan/weisen Terci hei een AIS-Engelchen,  
deen ass voll IN bei den Wellef an ass  
extra fir d'Wandrous :);):)



\* THAT'S ALL FOLKS